

„Et wor esou ëm d'Päischten...“

De Jean-Paul Maes an den Änder Mergenthaler presentéieren dem Michel Rodange säi „Renert“

VUM JEFF BADEN

A senger Zäit zu Wolz schreift de Michel Rodange (1827-1876) den Epos „De Renert“, inspiréiert vum Goethe sengem „Reineke Fuchs“. Den Auteur hält politesch a sozial Mësstänn vum historeschen Hannergrond vun de Krisejoren 1867 bis 1871 mat spatzer Fieder satiresch op d'Schëpp: Viséiert goufen heibäi ganz besonnesch déi geiereg Schmelzhären, grad ewéi national an international Politiker, déi just op hire Virdeel beduecht waren.

D'Déieren, déi bekannte Lëtzebuerger Perséinlechkeeten duerstellen, schwätzen déi verschidde Lokalmundaarten aus dem Land. No der Publikatioun 1872 gëtt dem Michel Rodange säi Versepos komplett ignoréiert an et ass eréischt duerch d'Vermëttlung vun Nik Welter an C. M. Spoo ufanks vum 20. Jorhonnert an am Kader vun der opwänneg inszenéierter Jorhonnertfeier (1927), wou d'Wierk fir e méi grouse Public bekannt gemaach gouf. Duerno huet de „Renert“ eng Partie Nei-Oploen erlieft, dorënner déi bekanntst vu Joseph Tockert a Romain Hilgert; 2002 koum den integralen Text och als Lauschterbuch eraus (<http://www.autorenlexikon.lu>).

E schaarfen a witzegen Text

De Jean-Paul Maes presentéiert den „Renert“ zurzäit an enger (ganz geschéckt) gekierzter Faassung am Kader vum Kaleidoskop-



De Jean-Paul Maes an den Änder Mergenthaler beweisen, dass Lëtzebuergesch och als Literatursprooch eng Ausdruckskraaft a Villsäitegkeet an e formidable Billerrächtum huet. (FOTO: KALEIDOSKOP THEATER)

Theater. Fir den Acteur a Regisseur ass dëst Stéck grouss Lëtzebuerger Literatur ëmmer nach – oder vläicht grad och haut? – héich aktuell, well déi menschlech Gesellschaft weiderhin „e Sak voll Kriipsen“ ass a bleift, wéi et scho beim Rodange heescht.

Op eng wierklech eemoleg Manéier geléngt et dem Jean-Paul Maes als eenzege Schauspiller op der Bühn, net nëmme tëscht deenen eenzelnen Déiererollen, mee och deenen ënnerschiddleche lokale Variante vum Lëtzebuergesch hin an hier ze jongléieren an dat mat enger vitaler Intensitéit an

expressiver Bühnpräsenz, dass et fir de Public eng gellech Freed ass, mat him a sengem musikalesche Begleeder Änder Mergenthaler um Cello dee formidable Text vum Rodange (nei) z'entdecken. Dobäi ass et ganz besonnesch dem Jean-Paul Maes seng héich Sensibilitéit fir d'lëtzebuergesch Sprooch an hir

ganz eegen Ausdrucksmeiglechkeeten, grad wéi säi ganz perséinlechen, leidenschaftlech-emotionalen Asaz, deen och regelrecht kierperlech ze spieren ass, woumat hie mat Brio Nuancen an Akzenter am Rodange sengem Text interpretéiert, ëmmer ënnerluecht mam musikaleschen „Klang-Teppech“ vum Änder Mergenthaler, dee mat grousem Gespür fir de Klang an de Rhythmus vun de Versen um Cello matspilt.

Um Enn vum Stéck geet een no engem formidablem Theaterowend als Zuschauer heem mat der Gewëssheet, dass Lëtzebuergesch och als Literatursprooch esou eng Ausdruckskraaft a Villsäitegkeet an e formidable Billerrächtum huet, dass et wierklech héich Zäit gëtt, dass d'National-sprooch vum Grand-Duché (nief deen zwou aneren) op alle Pläng (awer vrun allem och an de Schoulen) dee Respekt kritt, dee se sécherlech (och a ganz besonnesch vu Säite vun de Lëtzebuerger selwer!) verdéngt huet.

Chapeau jiddefalls fir d'Prestatioun vum Duo Maes/Mergenthaler op alle Pläng!

Weider Virstellung vum Kaleidoskop-Theater (all. Kéier um 20.00) an der Schungfabrik zu Téteng, den 13. a 15. Nov., duerno zu Steesel, 21. an 22. Nov., zu Gréiwemaacher (Kulturhief), den 28. an 30. Nov., am Escher Theater, de 6. Dez 2012., am Cape zu Ettelbréck, den 9. Januar an zu Beeteberg, den 20. März 2013. Informatiounen a Reservatiounen ënner Tel.: 47 08 95-1 oder ticket-lu@pt.lu (www.luxembourg-ticket.lu / www.Kaleidoskop-Theater.com)

Eng Erzielung, kee Schauspill

Interview mam Jean-Paul Maes an Änder Mergenthaler

VUM JEFF BADEN

■ **Ass d'Gesellschaft vun haut, grad wéi zur Zäit vum Renert „e Saak voll Kriipsen“, a wat mécht d'Aktualitéit vun deem Text fir en heitege Public aus?**

Jean-Paul Maes: Ech denken tatsächlech, dass dat d'Thema grad haut – vläicht och ganz besonnesch zu Lëtzebuerg – ganz aktuell ass, wann een dat frecht a kénngt Optrieden a Behuele vun esou monche Personnage gesäit; mee et ass awer sécherlech och eng ganz allgemeng mënschlech Problematik.

■ **Wat fasziniéiert e Regisseur, e Vers-Epos vun 1872 op d'Bühn ze bréngen?**

Jean-Paul Maes: Fir mech ass dat, wat ech inszenéiert hunn a spillen éischter eng Zort Erzieltheater, eng „Performance“, wou d'Musek eng ganz wichteg Roll spillt – mir spille wierklech zesammen et ass e Matenee vun Text a Musek.

De Renert ass eist groust Wierk aus dem 19. Jorhonnert, d'Sprooch gëtt immens gutt behandelt. Déi meesch Leit kennen d'Stéck zwar vum Numm hier, mee et sinn der net esou vill, déi et wierklech iwwert déi éischt puer

Strophen eraus kennen. An et sinn der wéineg, déi sech dohi setzen, fir den Text ganz ze liesen. Et gëtt leider ëmmer nach vill Lëtzebuerg, déi net Lëtzebuergesch liese kënnen an et ass och vläicht eng wäertvoll Aufgab, fir de Leit iwwert deen dote Wee d'Stéck (an enger gekierzter Versioun) ze presentéieren, sou dass se dono de Renert kennen. Et gëtt e puer Linnen am „Renert“ an et muss ee sech decidéieren, wat ee weist, a mir ass déi Korruptiounslinn ganz wichteg gewiescht. Dobäi hunn ech den Text op d'Halschecht ongeféier zesummegestrach.

■ **De Renert – e Stéck iwwert de Courage?**

Jean-Paul Maes: Seng Meenung soen, kann och an enger Demokratie mat Nodeeler verbonne sinn. Den „Renert“ ass kee Stéck iwwert de Courage, de Fuuss huet zwar Courage an deem Sënn, dass e frech ass, mee et ass awer keen opriichtegt Wiesen. Mee vum Michel Rodange als Auteur hier gesinn, huet et natierlech Courage bedeit, fir säin Epos ze publizéieren, wéi jo och d'Reaktiounen op den Text beleeden. De Lëtzebuerger huet ëmmer d'Tendenz, sech hannert een ze stellen, sech kleng ze maachen. Mir sinn dat eenzegt

Land, wou sech d'Leit schummen, dass se hir Sprooch hunn, op där anerer Säit si se zwar frou domat, mee ville Lëtzebuerg ass hir Sprooch egal – wat ni en Ausländer géif soen.

■ **Wéi eng Erausforderung ass et, fir als eenzege Acteur eleng op der Bühn déi ënnerschiddlech Rollen ze spillen a wat ass dobäi d'Funktoun vum Museker?**

Jean-Paul Maes: Ech spillen d'Roll net wierklech, den Erzieler ass d'Hauptfigur, ech deiten déi eenzel Personagen un, mee et ass keng Liesung, et ass am Fong déi ural Form vun der orientalescher Märchenerzielung, wou s de Leit eng Geschicht verzielt: Et ass eng Erzielung, mee kee Schauspill.

■ **Wéi eng Roll spillt den Änder Mergenthaler als Museker op der Bühn?**

André Mergenthaler: Meng Musek ass net atmosphäresch, ech bréngen mat mengem Cello eng ganz Parti verfremt Variatiounen vu bekannten Operen an Operetten als Zitate eran. D'Stécker si genee getimt, mee ech kann awer deelweis improviséieren, muss awer dobäi ganz präzis op de Rhythmus vum Text lauschten a reagieren.

Scorpions

2 TICKETS Meet & Greet

Am 16. November in der Rockhal

Gewinne 20x2 EXKLUSIV Package Eintrittstickets Bücher • CD's

Luxemburger Wort: live mit dabei!

Schicken Sie einfach eine SMS (0,50 Euro plus Preis pro SMS) an die 64447 mit folgenden Angaben: scorpions, [Name], [Vorname]. Die Gewinner werden per SMS informiert. Viel Glück!

Luxemburger Wort

www.wort.lu

Wir informieren Luxemburg.

„Et wor esou ëmt Päischten - 't stong alles an der Bléi“ ...

„De Renert - de Fuuss am Frack an a Maansgréisst“ mam Jean-Paul Maes

...esou geet dem Michel Rodange säin an der zweeter Halschent vum 19. Johrhonnert geschriwwene „Renert“ un, dat bekannteste Wierk aus der Lëtzebuerger Literatur, nom Goethe sengem „Reinecke Fuchs“ gedicht, awer mat enger schaarfer Analyse vun de Lëtzebuerger Zousänn. Den 8. November em 20 Auer féiert elo „De Renert - de Fuuss am Frack an a Maansgréisst vum Michel Rodange“ vum a mam Jean-Paul Maes an der Téitenger Schungfabrik Premiere.

Hunn déi sech da bis haut geännert? Natierlech geet et de Leit elo



Jean-Paul Maes: *Akteur, Regisseur an Auteur.* (FOTO: SCHUNGFABRIK)

besser, mee eis Gesellschaft ass weiderhin „ë Saak voll Kriipse“ bliwwen, wou déi ierwescht, déi ënnescht erdrécken. E Land, dat elo esou kënschtlech räich ass, wou lénks a riets potemkinesch Dierfer entstinn, Vandalen historiesch Gebäier ewechrappen, Loyeeën an de Kaf vun Heiser net méi ze bezuele sinn, eis Kompatrioten an d'Grenzregiounen verdriwwen ginn vun der Geldgier, déi kee Fonke Schimt ze kenne schéint. „De Renert“ ass ë schaarfen a witzegen Text.

Den Akteur, Regisseur an Auteur Jean-Paul Maes, deem seng

Theatertexter zënter iwwer 20 Joer der Gesellschaft ë Spijhel virhalen, spillt dësen Text, an all sänge Rollen.

Den André Mergenthaler, deem, grad esou wéi den Textinterpret, zënter zwee Joerzengten, an enger permanenter Innovatioun d'Muséik hei am Land an iwwert d'Grenzen nei interpretéiert, ënnermolt deem Owend musikalesch. (C.)

Den 8., 13. an 15. November em 20 Auer am Centre culturel Schungfabrik Téiteng. Ticket 15 Euro iwwer Tel. 47 08 95-1 oder www.luxembourg-ticket.lu.